PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

Enn September kommen d'Ministeren aus den EU-Länner am Rot fir Justiz a Bannenzeg Sécherheet (Justice and Home Affairs Council) zesummen. Op der Agenda soll ënnert anerem e Vott iwwert déi europäesch Pläng zur Chatkontroll stoen. D'Propose fir eng "Regulatioun laying down rules to prevent and combat child sexual abuse" ass héich ëmstridden, well se d'Privatsphäre vun all Mënsch am Internet ugräift.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ee Minister wäert Lëtzebuerg Enn September am Rot vertrieden?
2. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung aktuell an dësem Dossier a wéi wäert Lëtzebuerg Enn dës Mounts ofstëmmen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten